

# «FNEL - de SCOUT»

*Édition 2/2006*

Diddeléng, den 12. März 2006

## CAMP RIVIERA 1932 VUN DE ROVERS VUN DE PRD

Ët sin elo 74 Joër hiir .. ee laangen Daag - bal ee Mënschenliewen .. , wéi jonk Borschten vun de Rovers vun de Boy-Scouts Peaux-Rouges, FNEL-Diddeléng, am Mee 1932 hiiren Vakanzecamp op der franséicher Riviera verbruecht hun. D'Material aus där Zäit läit schons an de Muséen an verschidde d'Länner vun deemools gët et nët méi. Zanter deemools huet s'ch villes verännert an d'Populatiounen matt. Déi wéinegst liewen haut nach, bis op een Diddelénger deen huet haut 93 Joër um Bockel: et as den Här Paul FLAMMANG.

Nodeems si laang genuch gespuert haten, sin am Fréijoër vum Joër 1932 eng Dozen Diddelénger Rovers, begleet vun ee puer Rovers vun den 1st Echternach Scouts an och nach ee Grapp voll Roveren vum Institut Emile Metz, no laange Virbereedungen, mam Dampzuch vu Lëtzebuerg op Marseille gefuer. D'ëst wor deemools nach eng Aventure. Fir déi deemoleg Verhältnissen wor et schons erstaunlech, datt deen Trajet an engem eenzegen Daag iwert d'Distanz gaangen as. D'ëst ziehlt grad esou gudd fir den "Aller" ewéi och fir de "Retour".

Geleed gouf de Camp vun den Cheffen René GOORIX, deen vun 1933 bis 1958 laangjähregen Gruppchef vun den PRD wor, an Metti WEBER, Beamten op dem Diddelénger Wierk vun der ARBED, deen de Camp och organiséiert hat. Hien hat och d'Kontakter mat de Fransousen hiigestallt

Op der schéiner franséicher Riviera goug d'Rees ëmmer laanscht d'Mier, deels mam Bus, deels iwwer d'Schinn an natiirléich och per Pedes vun Marseille affort. Zu engem groussen Deels woren si a Begleedung vun de Scoutsfrënn vun den Eclaireurs de France vun dohannen.

Vun Marseille äus as et eriwuer gaangen op Toulon, wou déi franséich Scoutsfrënn eng Visite op engem franséichen Krichschëff organiséiert haten. Weider goug et dun iwwert Hyères, wou an engem Scoutshome iwwernuecht gouf, op Cannes, wou ee Blummefest besicht gouf. Vu Cannes as déi ganz Mannschaft dun iwwert Nice op Monaco getrëppelt. Dee genauen Historique kann een haut nët méi exakt retracéieren, et gin kéng Pabeiren méi, jhust nach deen exzellenten Verhalt vun engem Participant deen deemols 19 Joer jonk wor.

Geschloof gouf op Stréihmatten, normalerweis a Scoutshomer an der Géigend. Ëm d'Iessen as sèch selwer bekëmmert gin an heiando stoung och eemol ee Restaurantbesuch um Programm. Zu Monaco wor d'Schloofplaatz nèt wäit ewech vum Schlass vun der Fürstefamill.

Et goug och nach iwwert Le Lavandoux, dat as déi Uertschaft wou d'Giedel vum Fändel vun den Peaux-Rouges (deen och mat op der Rees dobäi wor), d'Mme Schnucky VIENNOT-MAYRISCH, d'Duechter vum Emile MAYRISCH, hiir Villa stoën hat. Sie huet d'Rovers och perséinlech op hiirem Besëtz empfaangen a bekäschtet. D'Madame VIENNOT-MAYRISCH hat esouguer eng Visite vun enger Parfumsfabrick zu Le Lavandoux organiséiert.

Déi 12 Deeg woren fir déi Troupe jonk Lëtzebuerger zevill schnell eriwwer. Ët goug och zum Rescht mam Täschegeld. Ët wor awer esou flott an ët wosst een sèch ëmmer ze hëllëfen. An esou soutzen se méi wéi eng Kéier, eng gemittlëch Stonn op enger schéiner Terrasse, bei enger eenzeger Taass Kaffi. Am Danzsall niewendrun huet déi selwëcht Taass Kaffi ëmmerhin daat duebelt kascht. D'Zäiten hun geännert, d'Gebräich awer nèt !

Den Heemwee wor, wéi mer schons am Ufank geschriwwen hun, grad esou eng Aventure wéi d'Rees dohinner. Den Zuch war esou voll, datt se eis Rovers nèt méi wollte matthuelen a schlussendlëch soutzen se iwwerall am Zuch verspreeet. De Paul hat awer déi lëftëgst Plaatz erwëscht: hien soutz dee ganzen laange Wee beim Bremser am Bremshaischen vum Zuch !

Esou Campen ze verbréngen verbënnt een op ëmmer mam Scoutsissem.

Paul FLAMMANG, an den PRD seit 1921,  
an Zesummenarbëcht mam Guy SCHUBERT